PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 11/06/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Finanzen, Gesondheet & Justiz weiderzeleeden.

Reporter.lu beriicht am Artikel *Les ventes au noir des pharmacies* (11.6.2021) dovunner, dass sech eng Rëtsch Apdikten hei am Land am grousse Stil dem Steierbedruch schëlleg gemaach hunn an dat ënnert anerem duerch Venten um Schwaarzmaart.

Des Weidere stellt d'Journalisteplattform fest:

> *"Les jugements seront en revanche transmis au ministère de la Santé pour une inscription dans le registre professionnel que tiennent les services de la ministre Paulette Lenert."*

D'Apdikten hei am Land sinn ee Service public, wat bedeit, dass si eng Konzessioun vum Staat zougesprach kruten. Am Règlement Grand-Ducal vum 27te Mee 1997 steet am Artikel 10 geschriwwen:

> *"La concession pourra encore être retirée dans les cas suivants: […]3. si le concessionnaire n'offre plus les garanties matérielles ou morales nécessaires à la bonne gestion de la pharmacie."*

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Déi genannte Gesetzesverstéiss werfen d'Fro op, ob déi Betraffen nach déi néideg "garanties morales" fir eng Konzessioun presentéieren. Kruten déi vun der Justiz schëlleg geschwaten Apdikter(innen) hier Konzessioun vun der Santé entzunn? Falls nee, firwat net?

2. Wéi eng Konsequenzen huet d'Regierung aus dëse Bedruchsmasche gezunn? Wat fir eng Moossnamen huet d'Regierung geholl, fir d'Kontrollen am Secteur ze verbesseren? Wéi gouf mat de concernéierten Acteuren ëmgaangen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député